LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, Martine Deprez, an dem Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles op d'parlamentaresch Fro N° 4538 vum 24. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement zum Sujet "Accidents avec vélos électriques".

1. **Wéi vill Accidenter mat Elektrovëloe goufen an de leschte fënnef Joer zu Lëtzebuerg registréiert? Kënnen d'Zuelen opgeschlësselt gi pro Joer, no Gravitéit (liicht blesséiert, schwéier blesséiert, déidlech), no Alterskategorie vun de Betraffenen an no Typ vum Gefier (Pedelec 25 / Speed- Pedelec 45)?**

Hei drënner ass déi entspriechend Statistik vum STATEC, an där d'Accidenter mat E-Bikes opgeschlësselt sinn. Et ass net méiglech, tëscht de verschiddene Modeller vun E-Bikes z'ënnerscheeden.

Nombre d'accidents selon l'âge et la gravité des blessures de l'impliqué étant en E-bike						
BLESSURE	**Classe d'âge**	**2021**	**2022**	**2023**	**2024**	**2025**
Non blessé	10-17	1	1	1	0	0
Non blessé	18-24	0	0	0	0	0
Non blessé	25-34	0	0	1	0	0
Non blessé	35-44	0	0	0	0	0
Non blessé	45-54	0	0	0	0	0
Non blessé	55+	0	0	1	0	0
Blessé	10-17	0	2	2	0	0
Blessé	18-24	0	2	4	0	1
Blessé	25-34	3	4	2	2	0
Blessé	35-44	3	1	3	0	2
Blessé	45-54	2	4	1	4	4
Blessé	55+	2	7	2	6	4
Décédé	10-17	0	0	0	0	0
Décédé	18-24	0	0	0	0	0
Décédé	25-34	0	0	0	0	0
Décédé	35-44	0	0	0	0	0
Décédé	45-54	0	0	0	0	0
Décédé	55+	0	1	0	0	0
Total		**11**	**22**	**17**	**12**	**11**

2. **Ginn Accidenter mat Elektrovëloen an den offizielle Verkéiersstatistiken aktuell systematesch getrennt vun Accidenter mat klassesche Vëloen erfaasst? Wa nee, ass virgesinn, dës Differenzéierung anzeféieren?**

Zënter 2021 gëtt an de PV'en systematesch tëscht E-Bikes a Vëloen ouni Motor ënnerscheet.

3. **Leien dem Gesondheetsministère Donnéeë vir iwwer d'Zuel vun Urgence-Passagen an Hospitalisatiounen am Zesummenhang mat E-Bike-Accidenter? Wéi eng Tendenz zeechent sech an de leschte Joren of?**

Donnéeën aus dem Projet RETRACE weisen tëscht 2019 an 2024 85 Fäll vu Passagen an den Urgencen a Verbindung mat Accidenter mat engem elektresche Vëlo („E-Bike"). Déi verfügbar Donnéeën erlaben et net, tëscht Vëloe vum Typ Pedelec 25 a Speed-Pedelec 45 z'ënnerscheeden.

Zuel vun den Accidenter ass iwwer déi observéiert Period, no enger staarker Hausse am Joer 2021, relativ stabil. Déi 85 Fäll verdeelen sech iwwer verschidden Alterskategorien. D'Alterskategorie vun de 45- bis 54-Järege stellt de gréissten Undeel duer, mat 23 Fäll, wat 27,1 % vun allen erfaasste Fäll entsprécht.

Well net all Spideeler iwwer déi komplett betruechte Period kontinuéierlech um Projet RETRACE deelgeholl hunn erlaben dës Donnéeën et net, d'Zuel vun de Passagen an den Urgencë wéinst Accidenter mat elektresche Vëloen op nationalem Niveau exhaustiv ze bestëmmen a mussen deemno mat Virsiicht interpretéiert ginn.

Tableau 1 – *Verdeelung vun der Unzuel vun de Visitten an den Urgencen no engem Trauma a Verbindung mat engem Accident mat engem elektresche Vëlo / E-Bike, vun 2019 bis 2024*

Joer	Unzuel	%
2019	3	3,5
2020	5	5,9
2021	17	20,0
2022	20	23,5
2023	18	21,2
2024	22	25,9
Total	**85**	**100,0**

Source : RETRACE





Tableau 2 – *Verdeelung vun der Unzuel vun de Visitten an den Urgencen no engem Trauma a Verbindung mat engem Accident mat engem elektresche Vëlo / E-Bike no Altersgrupp, vun 2019 bis 2024*

Altersgrupp	Unzuel	%
5-14 J	7	8,2
15-24 J	11	12,9
25-34 J	11	12,9
35-44 J	13	15,3
45-54 J	23	27,1
55-64 J	10	11,8
65 J +	10	11,8
Total	85	100,0

Source : RETRACE



Wat d'Gravitéit vun den Accidenter ugeet, erlaben déi verfügbar Donnéeën et net, d'Fäll an d'Kategorien „liicht blesséiert", „schwéier blesséiert" oder „Doudesfäll" anzedeelen. Bei de festgestallte Verletzungen handelt et sech haaptsächlech ëm Prellungen (40,0 %), sou wéi Wonnen a Frakturen (jeeweils 17,7 %). Gehirnerschütterungen oder aner zerebral Verletzunge goufen an 12,9 % vun de Fäll erfaasst.

Tableau 3 – *Verdeelung vun der Zuel vun de Visitten an den Urgencen no engem Trauma a Verbindung mat engem Accident mat engem elektresche Vëlo / E-Bike no Aart vun der Verletzung, vun 2019 bis 2024*

Aart vun der Lésioun	Unzuel	%
Contusion	34	40,0
Plaie	15	17,7
Fracture	15	17,7
Commotion ou lésion cérébrale	11	12,9
Luxation ou entorse	6	7,0
Autre ou inconnu	4	4,7
Total	**85**	**100,0**

Source : RETRACE

Déi spezifesch Identifikatioun vu Spidolsopenthalter no engem Accident mat engem elektresche Vëlo ass an der DCSH-Datebank (Documentation et Classification des Séjours hospitaliers) eréischt ab 2024 méiglech. Fir d'Joer 2024 goufen 5 Spidolsopenthalter no engem Accident mat engem elektresche Vëlo erfaasst.

Schlussendlech goufen dem Regëster vun den Doudesursaachen no tëscht 2020 an 2024 7 Doudesfäll vu Cyclisten am Zesummenhang mat engem Verkéiersaccident enregistréiert. Déi verfügbar Donnéeën erlaben et net festzestellen, ob dës Doudesfäll e konventionelle Vëlo oder en elektresche Vëlo betraff hunn.

4. **Wéi vill Kontrollen huet d'Police an de leschte Joren a Bezuch op manipuléiert („débridéiert") Elektrovëloen duerchgefouert a wéi vill Verstéiss goufe festgestallt? Wéi eng Sanktioune gesäit de legale Kader aktuell vir?**

Wéi schonn an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n° 2975 vum 1. Oktober 2025 erkläert gouf, mécht d'Police all Dag Verkéierskontrollen am ganze Land, dorënner och Kontrollen am Beräich vun der mobilité douce, also bei Vëloen, elektreschen Trottinetten an anere gläichaartege Gefierer.

Am Joer 2024 huet d'Police ronn 30.000 Verkéierskontrollen duerchgefouert. Dës Kontrolle ginn ënner enger eenzeger Kategorie enregistréiert an net no engem spezifesche Gefierentyp opgeschlësselt.

D'Police mécht doriwwer eraus reegelméisseg Kontrollcampagnen, mat Fokus net nëmmen ob Pedelecs, mee ob all Fortbewegungsmëttel vun der Mobilité douce wéi z.B. :

- ROADPOL Campagne „2Wheelers" vum 01.-07.06.2026
- Campagne „Mobilité douce" vum 27.07.-02.08.2026

Och goufen vun Abrëll bis Juni e puer spezifesch grouss Kontrollen (Contrôles d'envergure) an deem Beräich gemaach, déi ob der Internetsäit vun der Police mat de Resultater presentéiert gi sinn:

https://police.public.lu/fr/actualites/2026/06/semaine-25/controle-mobilite-douce.html
https://police.public.lu/fr/actualites/2026/06/semaine-23/controle-mobilite-douce-sud.html
https://police.public.lu/fr/actualites/2026/05/semaine-19/controle-mobilite-douce.html
https://police.public.lu/fr/actualites/2026/04/semaine-15/controle-routier-mobilite-douce-remich-mondorf.html

De Code de la route gesäit keng spezifesch Infraktioun vir fir betreffend Pedelec, déi debridéiert goufen, deementspriechend kënnen esou Verstéiss statistesch net separat erfaasst ginn.

5. **Wéi gëtt d'Maartiwwerwaachung vun net-konformen Elektrovëloen a Fat-Bikes assuréiert, déi iwwer Online-Plattformen importéiert ginn an deenen hir Motorleeschtung oder Maximalvitessen net der EU-Norm EN 15194 entspriechen? Wéi vill esou Gefierer goufen an de leschte Jore vum Maart geholl?**

D'Maartiwwerwaachung vun elektresch assistéierte Vëloen (E-Bikes) gëtt vum Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services (ILNAS) souwuel reaktiv wéi och proaktiv duerchgefouert. Op reaktiver Ebene iwwerwaacht den ILNAS kontinuéierlech d'Notifikatiounen, déi vun anere Memberstaaten iwwermëttelt ginn, notamment iwwer den europäesche System Safety Gate, an hëlt, wann néideg, déi erfuerderlech Moossnamen, falls déi betraffe Produiten um nationale Marché disponibel sinn. Vun den 56 E-Bikes, déi zënter 2017 iwwer Safety Gate notifizéiert goufen, gouf just ee wéinst enger Iwwerschreidung vun der erlaabter maximal zougeloossener Assistenzgeschwindegkeet gemellt. Lëtzebuerg war vun dësem Produit net betraff.

Am Kader vun der reaktiver Maartiwwerwaachung schafft den ILNAS och enk mat der Douane zesummen a kontrolléiert d'Produiten, déi vun der Douane zeréckgehale ginn. Bis elo huet den ILNAS nach keen Dossier vun der Douane betreffend E-Bikes kritt.

Op proaktiver Ebene ginn d'Kontrollen op Basis vun den identifizéierte Risiken an am Kader vun nationalen oder europäesche Kontrollcampagne duerchgefouert. An de leschte Joren huet den ILNAS ënner anerem un enger europäescher Kontrollcampagne deelgeholl an eng national Kontrollcampagne iwwer E-Bikes duerchgefouert. Am Kader vun dëse Kontrollen goufen ënner anerem Tester betreffend déi erlaabt maximal Assistenzgeschwindegkeet duerchgefouert. Dobäi goufe verschidde Net-Konformitéite festgestallt, an 3 E-Bikes goufen aus Grënn vun techneschen Net-Konformitéiten mat engem Verkaafsverbuet aus dem Marché gezunn. Déi festgestallte Net-Konformitéiten hu sech awer net op d'maximal Assistenzgeschwindegkeet bezunn.

All dës Kontrollen goufen bis elo un E-Bikes duerchgefouert, déi um Lëtzebuerger Territoire um Marché waren, an net unhand vu Produiten, déi iwwer Online-Handelsplattforme kaf goufen.

6. **Zu Lëtzebuerg gëllt fir d'Benotze vun engem Elektrovëlo e Mindestalter vun 10 Joer, an eng Helmflicht besteet net. Gesinn d'Regierungsmemberen — am Liicht vun der internationaler Accidentologie — e Besoin, de reglementaresche Kader (Mindestalter, Helmflicht fir Mannerjäreger) ze iwwerpréiwen?**

Fir reng Pedelece 25 ass aktuell keng Erhéijung vum Mindestalter virgesinn. D'Motorënnerstëtzung ass un d'Pedalléiere gebonnen an hält bei 25 km/h op. Si erliichtert domat eng aktiv Fortbeweegung, och op méi laangen oder géie Strecken. International Accidentzuele mussen no Gefiertyp, Alter an Notzungsëmfang bewäert ginn a kënnen net pauschal op dës Kategorie iwwerdroe ginn. Och déi an den Äntwerten op d'Froen 1 an 3 beschriwwen Donnéeë loossen net zou, e spezifesche Besoin fir eng Erhéijung vum Mindestalter fir de Pedelec 25 ofzeleeden.

Eng Helmflicht fir Mannerjäreger ass net virgesinn. Et gëtt weiderhin op d'Recommandatioun, en Helm ze droen an op Sensibiliséierung gesaat. Dem representativen ILRES-Sondage vum MMTP vun 2023 no droen

an der Altersgrupp vu 6 bis 12 Joer 86 % de Vëloshelm „ëmmer“ a 14 % „bal ëmmer“. Dës Resultater betreffen d’Vëlosfueren allgemeng a bestäerken doran, dës Approche weiderzeféieren.

An deem Zesummenhang erlaben ech mir och op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro zum selweschte Sujet Nr. 3828 aus dem Abrëll vun dësem Joer ze verweisen.

7. **Si Sensibiliséierungscampagnen zesumme mat der Sécurité Routière geplangt, déi sech spezifesch un d'Benotzer vun Elektrovëloe riichten, notamment un déi eeler Generatioun an un déi Jonk?**

Et sief an dësem Kontext dorposhigewisen, dass am Joer 2025 eng grouss Sensibiliséierungscampagne, mat der Sécurité routière, Police a Provelo gemaach gouff, déi generell d’Reeglen am Zesummenhang mam Vëlo thematiséiert huet. Dës Campagne huet selbstverständlech och déi elektresch Veloë cibléiert. A regelméeissgen Ofstänn ginn esou Kampagne widerholl.

8. **Wéi gëtt bei der Planung vun der Vëlosinfrastruktur de wuessende Vitessendifferenzen tëscht klassesche Vëloen, Pedelecs a Speed-Pedelecs Rechnung gedroen?**

Ënnerschiddlech Vitessë gehéiere schonn haut zum Vëlosverkéier a ginn och duerch d’Konditioun vun de Cyclisten an den Terrain bestëmmt. Aus der méi breeder Notzung vu Pedelec 25 kann dofir net automatesch op ëmmer méi grouss Vitessendifferenze geschloss ginn. Fir d’Planung ass virun allem och ze berécksiichtegen, datt dës Vëloen zousätzleche Leit den Zougang zum Vëlosfueren erméiglechen an domat de Verkéier op de Vëlosinfrastrukturen zouhuele kann.

D’Planung orientéiert sech un de Recommandatioune vum MMTP op veloplangen.lu. D’Breet vun den Anlagen, d’Méiglechkeete fir sécher z’iwwerhuelen, d’Siichtverhältnisser an d’Gestaltung vun de Kräizunge sinn dobäi wesentlech Elementer, fir Cycliste mat ënnerschiddleche Vitessen e séchert Mateneen ze erméiglechen.

Ze bemierken ass hei, dass Speed-Pedelecs ënner d’Reegele fir Cyclomoteuren falen an op de Pisten a Weeër, déi de Cycliste virbehale sinn, net zougelooss sinn.

Lëtzebuerg, de 25. September 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN